

D'Motioun 2.

Kënne mer da bei där Motioun par main levée ofstëmmen?

**(Assentiment)**

**Vote**

Voilà, d'Unanimitéit ass fir d'Motioun.

Da komme mer zur Motioun 3.

**Motion 3**

Ass de Vote électronique verlaangt?

**(Assentiment)**

Da stëmme mer elektronesch of.

**(Interruption)**

Jo, Här Braz?

■ **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Den delegéierte Minister ass a sengen Ausféierunge virdrun op déi Grënn, firwat dass hien déi hei Motioun net wëilt unhuelen, net agaangen. Ech wär frou, wann ech awer kéint ee Wuert Erklärung kréien.

■ **Une voix.**- Awer just eent.

■ **M. Nicolas Schmit, Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.**- Vu datt den Débat sech e bëssen erhëtzt hat, hunn ech vergiess drop anzegoen.

Ech mengen, wa mer de Prinzip an e Reglement schreiwen, datt eng Formatioun d'office all Décisioun, fir ee vum Territoire ze éloignéieren, aussetzt, dann ass d'Gefor natierlech grouss, datt - an ech verstinn dat, dat ass kee Jugement, dat ass och keng Condamnatioun - probéiert gëtt d'Formatioun als eng Garantie ze hunn, fir emol net ausgewisen ze ginn, och wann een déboutéiert ass.

Mä et ass ganz evident, an Dir hutt et jo selwer gesot, datt kee Mënsch drun denkt een, dee virum Enn vu senger Formatioun steet oder eventuell och nach ee Joer Formatioun ze maachen hätt a bewisen huet, datt hien déi Formatioun seriö suivéiert huet, fir deen dann ze empêchéieren déi Formatioun fäerdeg ze maachen an dann eventuell heemzegoen, an esou mat engem Bagage heemzegoen, deen him eigentlech soll hëllefen, sech besser erëm a sengem Land ze insérieren.

Mä et ass ganz schwierig esou eng Dispositioun an d'Reglement ze setzen, an Dir hutt selwer vu Pratique administrative geschwat. Ech soen lech ganz kloer, datt esou eng Pratique administrative, wéi ech se elo grad beschriwwen hunn, wäert applizéiert ginn.

**(Interruption)**

■ **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- ...grad mat deenen Ausféierungen, déi Der do ginn hutt, mengen ech, wär et näischt ze vill - ech wäert dat hei elo net an d'Längt zéien, Dir hutt Äre Standpunkt kloerge-maach -, mä, ech mengen, et wär awer näischt ze vill, wann dat do souwisou dat wäert sinn, wat mer applizéieren, da géing et kengem wéidoen och an d'Reglement ze schreiwen, dass een ënner bestëmmtene Konditiounen kéint d'Assiduitéit, wéi se déi Coursë besichen an esou weider, zum Prinzip derogéieren.

Dass de Prinzip esou festgehalé gëtt aus enger Rei vu Grënn, dat ass jo net contestéiert ginn. Wat contestéiert ginn ass, dat ass, dass mer eng Formulatioun am Projet de règlement grand-ducal hunn, déi ultimativ ass. Eise Virschlag ass dranzeschreiwen, dass een dat ka par dérogation zum allgemenge Prinzip trotzdem ënner bestëmmte Konditiounen dann awer handhaben. Dann hätte mer zumindest dat, wat Dir elo als Pratique administrative ukënnegt a wat mer hei och duerch Är Ausso festgehalen hunn, doduerch dass mer dat och einfach géingen op eng seriö reglementaresch Basis setzen, dass mer et esou géife schreiwen, wéi Der et wäert maachen.

**(Interruption)**

■ **M. le Président.**- Ech denke schonn, Här Braz, dass den Här Minister dat esou verstanen hat, an ech ginn dovun aus, dass mer elo kënnen zum Vote kommen iwwert déi Motioun?

**(Assentiment)**

Voilà. De Vote fänkt un.

**Vote**

D'Motioun ass ofgelehnt mat 41 Nee-Stëmmen, 18 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

*Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Emile Calmes) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*M. Aly Jaerling.*

*Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener (par Mme Martine Stein-Mergen), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Patrick Santer), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Laurent Mosar), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).*

*S'est abstenue: Mme Vera Spautz.*

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, wou mer eis ëm d'Partnerschaftsofkommen mam Tadschikistan bekëmmern. D'Riedezeit ass nom Basismodell festgeluecht, ech wëll dat ënnersträichen. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorablen Här Marc Angel. Här Angel.

## 8. 5531 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de partenariat et de coopération étabissant un partenariat entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République du Tadjikistan, d'autre part et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 11 octobre 2004

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

**M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann et de Basismodell ass, wäert ech net zur Procédure accélérée iwwergräifen a wäert versichen lech kuerz, awer mat e puer Detailer, dëse Projet ze erklären.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Merci, Här Angel.

■ **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Et geet ëm den Accord de partenariat et de coopération zwëschent de Communautés européennes an hire Memberstaten op där enger Säit an der Republik Tadschikistan op där anerer Säit, wou iwwregens den Acte final hei zu Lëtzebuerg den 11. Oktober am Joer 2004 ënnerschiwwé ginn ass.

Wéi et zu esou engem Accord de partenariat komm ass, ass vläicht interessant. 1989 hunn d'Communautés européennes en Accord iwwert de Commerce an d'Coopération commerciale et économique mat der Sowjetunion ënnerschiwwen. No der Desintegratioun vun der Sowjetunion sinn d'Effete vun deenen Accorde prolongéiert gi mat deene Statén, déi dann onofhängeg gi sinn, an am Mäerz '92 huet dann de Conseil des Affaires générales der Europäescher Kommissioun den Uerder ginn nei Accorden auszeschaffen. Dës nei Accorde sinn eben déi APC, déi Accords de partenariat et de coopération, wat eng nei Form ass zwëschent deene klässchen Accords de commerce et de coopération an den Accords d'association, déi mat osteuropäeschen an zentraleuropäesche Länner ofgeschloss gi sinn.

Dës Accords d'association beinhalten och eng Clause de libre échange a mentionnéieren d'Possibilitéit, fir der Union ze adhéréieren. D'APCen hunn dat net. Dat ass e groussen Ënnerschied. Déi APCen, dat sinn och Accordmitten. Dat heescht, se couvréieren Domänen, déi d'Europäesch Union ugin, an et sinn awer och Domänen, déi ënner national Kompetenz falen. Duerfir musse mir haut och hei deen Accord approuvéieren, nodeem natierlech de Conseil no Avis conforme vum Europaparlament en och schonn approuvéiert huet.

Et si schonn där APCen mat néng Länner ënnerschiwwé ginn: Russland, Ukraine, Armenien, Aserbaidschan, Georgien, Kasachstan, Kirgisistan, Usbekistan a Moldavien. Dat hei ass also elo deen zénkten. An ech hoffen, dass mer an Zukunft och en eelefte kënnen ënnerschiwwen, an dat mat Wäissrussland, wann do eng Kéier demokratesch Verhältnisser herrschen. An ech hoffen, dass den internationalen Drock op déi Diktatur do weider unhält, an dass déi demokratesch Kräfte den ënnerstëtzt ginn, fir dass mer deen heiten Exercice eng eelefte Kéier kënnen maachen.

Tadschikistan ass e Land, dat 56-mol méi grouss ass wéi Lëtzebuerg a 6,7 Milliounen Awunner huet. Et huet Grenze mat Usbekistan, Kirgisistan, China, Pakistan, Afghanistan, an et huet eng interessant ethnisch Mixitéit: 62% sinn Tadschiken, 24% Usbeken, 8% Russen, 1% Kirgisen an 1% Tartaren.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

An Tadschikistan ënnerscheet sech vun deene meeschte Länner an Zentralasien doranner, dass et keen Turkvollek ass, mä et ass e Vollek, wat eng Origine iranienne huet. Wéi dat Land dann onofhängeg ginn ass, war et guer net préparéiert dorobber. Du kout et zu enger Résurgence vum Islamismus, dee jo vun der Sowjetunion ënnerdréckt ginn ass. An du kout et zu engem Biergerkrich. Deen huet laang ugedauert. 1994 huet d'UNO du vermëttelt, an et huet nach bis 1997 gedauert, bis et zum Fridde komm ass.

Tadschikistan ass doduerch nach ëmmer dat ärmste Land an där Regioun. D'wirtschaftlech Schied vun deem Biergerkrich waren enorm: 7 Milliarden US-Dollar. Haut liewen nach 83% vun der Bevölkerung vun Tadschikistan ënnert dem Seuil de pauvreté, esou wéi

d'Banque mondiale deen definiert.

Grad duerch dëse Biergerkrich war et net méiglech an den 90er Jore zäitgläich mat deenen aneren néng Länner esou en Accord ze ënnerschiwwen. Duerfir ass dee méi spët komm. Do dertëscht waren dann d'Attentater vum 11. September, an dann ass sech iwwerluecht ginn, deen Accord nach e bësse méi wäit ze fächeren, an och Clausen, déi den Terrorismus an d'Massevernichtung ubetrëffen, dra festzeschreiwen.

Ech kierzen elo, an ech soen lech ...

■ **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. Marc Angel (LSAP) rapporteur.**- Ech wollt lech awer nach soen, dass fir d'Mise en œuvre vun deem APC ze iwwerwaachen, zwou Institutiounen agesat ginn:

Eng op der exekutiver Säit, dat ass de Conseil de Coopération. Deen ass zesummegesat duerch Memberen vum Conseil vun der Union a vun der Europäescher Kommissioun, an natierlech vu Membere vun der tadschikescher Regierung.

An dann ass eng zweet d'Commission parlementaire de la Coopération, déi aus Membere vum Europaparlament an aus Membere vum tadschikesche Parlament zesummegesat ginn.

Voilà! De Statsrot erënnert a sengem Avis, dass mir als Europäer all Intérêt hunn, eis Presenz am Häerz vun Zentralasien ze renforcéieren. Et sinn och e puer Artikelen, wou et och ëm den Drogenhandel geet. An Dir wësst, dass Tadschikistan en Nopeschland vun Afghanistan ass, an dass dat déi Voie ass, wou ganz vill Heroin aus dem Afghanistan transitéiert. Duerfir, dee Punkt ass och wichteg.

■ **Une voix.**- Gitt nach d'Zoustëmmung vun Ärer Fraktion.

■ **M. Marc Angel (LSAP) rapporteur.**- Voilà! Ech wollt soen, genau wéi de Statsrot lech et recommandéiert, dëse Projet ze approuvéieren. Ech wollt dann och den Accord gi vun der LSAP-Bänk. An ech soen lech Merci fir Äert Nolauschten.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. le Président.**- Ech wëll dem Här Rapporteur Merci soe fir deen exzellente Rapport. Ech hunn op alle Säite vun alle Fraktiounen vill Zoustëmmung dofir gesinn. A wann ech dervun ausginn, datt d'Regierung näischt Wiesentlech méi bäizefügen huet, da kënnen mer direkt ...

**(Hilarité)**

... kënnen mer direkt zum Vote ...

■ **M. Nicolas Schmit, Ministre**

*délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.*- Ausser fir dem Här Rapporteur Merci ze soe fir dee ganz gudde Rapport!

**(Hilarité)**

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Voilà, da komme mer zum Vote.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Patrick Santer), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. François Maroldt), MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Weiler), Lucien Thiel (par M. Marc Spautz), Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Norbert Hauptert);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Fernand Diederich) et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

■ **M. le Président.**- Voilà! Et ass esou décidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut. Nächst Sitzung ass muer de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 19.18 heures)**

# «Chamber aktuell»

Chamber TV vous propose  
tous les vendredis à 19.00 heures  
un résumé de l'activité  
parlementaire de la semaine.

L'émission est rediffusée  
le même soir à 20.00, 21.00,  
22.00 et 23.00 heures